10.05.2007



# 100 Joer
# Harmonie Concorde Sanem

1906

## 1906 - 2006

Archives
Commune de Sanem
N° 30

*Sous le haut patronage de L.L.A.A.R.R. le Grand-Duc et la Grande-Duchesse, du Ministère de la Culture, de l'Union Grand-Duc Adolphe et de la Commune de Sanem*

# Noblesse oblige
## (zemol wann een als „de Tornaco“ op d'Welt koum)

Et gëtt gesot, déi Uertschafte mat engem eegene Schlass, hätten och en eegene Charakter. Ech hunn dat ëmmer fir Mumpitz gehalen, mee zënter dass ech déi eeler Leit am Duerf, déi hei op d'Welt koumen, besser gesot déi Stack-Suessemer, méi no kennen, hunn ech d'Gefill, dass awer eppes do drun ass.

Wann ee vun der Suessemer Vergaangenheet schwätzt, däerf een op kee Fall d'Dynastie vun de Barons de Tornaco iwwergoen, déi am Suessemer Schlass residéiert an domat dem Duerf hire Stempel opgedréckt hunn.

D'Geschicht vum Suessemer Schlass ass scho verschidde Mol vu beruffene Leit niddergeschriwwe ginn. Et wier awer och interessant där besonnescher Ambiance op d'Spuer ze kommen aus där Zäit, wou d'Leit nach richteg Duerfleit waren. Haut geet den Duerfcharakter duerch de Bau vun neie Citéë verluer. Aus den Dierfer gi grouss Uertschaften a mat deenen ale Leit geet och déi al Zäit dohin.




*Baron Victor de Tornaco*

Duerfir zréck bei d'Schlass an hir nobel Bewunner. Ee vun hinnen, de Victor de Tornaco, war vun 1860-1867 Statsminister an an huet de Londoner Vertrag mat ënnerschriwwen, an deem d'Neutralitéit vum Lëtzebuerger Land festgehale gouf. Duerno war hien nach 5 Joer laang Member am Statsrot. Just esou vill fir drun z'erënneren, dass vu Suessem net nëmme kleng Leit hierstamen. De Victor de Tornaco war de Grousspapp vum Auguste de Tornaco, deen nach vill Duerfleit kannt hunn. Déi Barone waren natierlech steeräich Leit, déi Lännereien an der ganzer Ëmgéigend hir eege genannt hunn. Nodeems den Auguste, de leschte Baron de Tornaco, sech an de fofzeger Jore mat senger Fra a sengen zwee Jongen, dem Victor an dem Camille, an d'Belsch zréckgezunn hat, wou et eng déck Ierfschaft ze verwalte gouf, si seng Terrainë verkaf ginn a Suessem huet sech, wéi scho gesot, em Citéë vergréissert, vun deenen esouguer eng sech „Cité Baron de Tornaco" nennen dierf, well si ass op dem Baron senge Lännereien entstan.

Fir kuerz weider un d'Schicksal vum Schlass z'erënneren: et gouf duerno vun der Stad Esch opkaf an als Kannerheem ënnert dem Numm „Suessemer Kannerschlass" benotzt, bis décidéiert gouf d'Kanner géingen an normal Wunnhaiser an ënnert d'Leit gehéieren an net isoléiert an e Schlass. Dunn huet de Stat sech dem Schlass senger ugeholl, et gouf och alt schonn als Filmkuliss benotzt an elo schéi renovéiert. De Moment sinn europäesch Archiven dran ënnerbruecht, mee et weess kee genee wat d'Zukunft mam Suessemer Schlass wëlles ass.

Haut wëssen déi jonk Leit vu Suessem, déi meeschtens an enger neier Cité doheem sinn, kaum nach eppes iwwer déi vun Tornaco. Als bäigepraffte Suessemerin kann och ech mech nëmmen op dat verloossе wat esou dorëmmer verzielt gëtt. An do kann ee sech wonneren, wéi d'Meenungen iwwer d'Schlasshären ausernee ginn.

Fir déi eng war de Baron Auguste de Tornaco e Mann, deen derfir gesuergt huet , dass d'Leit am ganzen Duerf Aarbecht haten an domat en Akommes, fir déi aner een, deen d'Duerfleit just fir seng eegen Zwecker ausgenotzt huet. Wahrscheinlech läit d'Wourecht wéi esou dacks an der Mëtt: engersäits haten d'Leit Aarbecht, wann och eng schlecht bezuelten an anerersäits huet de Baron seng Feldaarbecht bëlleg erleedegt kritt. Vläicht droen e puer kleng Episoden am beschten derzou bäi fir sech e Bild vun de Suessemer Schlasshären ze maachen.




*Baron Auguste de Tornaco*

An der Mëtt vun den drësseger Jore gouf et vill Aarbechtsloser am Duerf. Wann d'Zäit fir ze dresche koum, huet de Baron säi Fierschter duerch d'Duerf geschéckt. Wie keng Aarbecht hat, ass geruff gi fir ze hëllefen an en huet säi Kascht kritt.

D'Leonie war eng jonk Wittfra a Mamm vun zwee klenge Jongen. Si war ganz schlecht drun. De Baron huet si am Huefhaus niewent dem Schlass wunne gelooss, wou se dunn och fir hie schaffe konnt an esou mat hire Kanner

iwwerliewen.
Dee klenge Marcel gong mat sengem Papp am Schlasspark spazéieren. Den Néckel Reicher war Daachdecker a villgeplote Familljepapp. Wéi se laanscht de Baron koumen, huet dee gefrot:
„Ech sinn de Baron. Wie sidd dir?"
„Ech sinn de Reicher Néckel an Daachdecker vu Beruff."
„Ma da kommt laanscht, et gëtt e Kulang ze flécken," sot de Baron.
Esou onkompliz éiert gong dat deemools zou. Wéi de Kulang erëm an der Rei wor an den Handwierksmann d'Rechnung presentéiert huet, krut hien nach en Drénkgeld drop.




Am Krich huet et u Fudder gefeelt fir d'Schwäin. E Kand aus dem Duerf gong bei de Baron no Käre froen.

„Géi heem e klenge Sak sichen an da frees de der Fudder am Haff", huet de Baron geäntwert.
D'Kand huet en Zementsak gefëllt a wollt bezuele goen.
„Hues de de Sak och gutt gefëllt?" huet de de Baron gefrot, „ma da géi séier domat heem"!

Enges Nuets koum de Baron a sengem fonkelneien Auto vun enger Feier no der Juegd. Iergendwéi koum en am Schlasspark net laanscht de Potto vun der Bréck an huet de Schutzblech vum neie Won getéitscht. Den nächste Muere gouf nom Charel geschéckt fir nom Auto ze kucken.

Dee sot: „Ech brauch Zäit fir déi Téitsch eraus ze kréien".
„Ech schwätzen net vun enger Téitsch," huet de Baron him geäntwert, „ bréng mir fir den Owend en neien Auto."

Dem Baron säi Fierschter huet seng Aarbecht sérieux geholl, an et war guer net mat him ze spaassen. Bekanntlech musse kleng Bouwen der heiansdo stiichte fir hiren Numm als Lausbouwen, wat haut och schonn almoudesch kléngt, ze verdéngen. An dee Kontext fällt d'Geschicht vun de Vullekiischten. Déi waren esou déck wéi dräi Ierbessen. Mee de Fierschter hat d'Bouwe gesinn an huet dem Schoulmeeschter Bescheed gesot.

„Dat do gëtt iech eng deier," sot deen. „Dir musst iech beim Baron entschëllegen a jidderee muss 1 Frang bezuelen."

Et kann ee sech virstellen, dass deemools 1 Frang scho vill Geld war, zemools fir kleng Bouwen, déi sécher nach net esou mat Täschegeld verwinnt ware wéi dat hautdesdaags de Fall ass. No der Schoul si se bei de Baron gaang an hu gesot, si wieren un d'Kiischte gewiescht a géife se bezuelen.
„Dat ass net esou schlëmm," huet dee gemengt, „mee gitt dem Fierschter d'Suen déi der mir schëlleg sidd."

De Fierschter huet sech leider net esou nobel aus der Affaire gezunn.

Eng aner Geschicht betrëfft ee vum Auguste de Tornaco senge Virgänger. Hei geet et em e Stéck wou en Awunner laanscht de Bësch hat an dat nieft dem Baron sengem Gaart louch. De Mann war grad am gaang d'Heck ze botzen, wéi de Baron laanscht koum:
„So Schmit, wat méchs du do?" frot de Baron.
„Ma Här, ech botzen hei a mengem Stéck."
„Schmit, dat ass net däi Stéck, dat gehéiert mir," wor d'Äntwert.
„Ma, neen Här Baron, dës Säit ass mäi Stéck."
„Ma, da kuck emol doheem no, da gesäis de, dass dat mäi Stéck ass."

Esou gong et hin an hir an no enger Zäit krut de Schmit e Bréif wéint engem Stéck dat dem Baron gehéiere géing. Hie misst op d'Geriicht, mee dat géing net zu Lëtzebuerg gesprach ginn, hie misst op Paräis virun de Riichter.

De Schmit ass gewëss op Paräis gefuer. Wéi d'Zäit ofgelaf war, krut en e Bréif vun do, an deem et geheescht huet dat Stéck géing dem Baron de Tornaco gehéieren an hie misst et leie loossen.

E puer Deeg duerno, koum de Baron erëm laanscht.
„Da weess de jo elo wiem säi Stéck et ass," huet e bemierkt.
„Här Baron, et ass mäi Stéck, et huet scho mengem Papp gehéiert."
„Jo, Schmit," seet dunn de Baron, „et ass däi Stéck, du kanns et halen, mee ech wollt dir weisen, dass du ni solls géint den Här goen. Wat den Här seet, muss du akzeptéieren."

Virum Krich war d'Aarbechtslosegkeet grouss. An och de Franz , dee Papp vun dräi Kanner war, gong bei de Baron op der Sich no enger Beschäftegung fir seng Famill duerchzebréngen.

„Ech hu keng Aarbecht am Stall, näischt um Feld an och net an der Gäertnerei,"

huet de Baron him erkläert, „mee Franz, du bass staark. Ech hunn do eng Wiss déi ënner Waasser steet, kanns du mir déi drësche leeën?"

Dem Franz war ni eng Aarbecht ze vill a sief et och fir nëmmen 20 Frang den Dag, an hien huet net gezéckt. Well hien awer wosst wat schaffe wier, a sech virstelle konnt wat hien hei erwaarde géing, huet e just eng Fro als Äntwert ginn:
„Wéi soll ech dat maachen?"
„Zéi e Gruef a maach en Drainage," sot de Baron.

Laanscht d'Wiss ass eng Baach gelaf. De Franz huet Réier bis an d'Baach geluecht a mat Spuet an Heel e Gruef gezunn. Hien huet vu moies bis owes, wochelaang geschafft. De Gruef gouf ëmmer méi déif an de Franz huet ënnen dra mat sengem Spuet an Heel weider erausgebuddelt. Hien hat Geschir mat engem ganz kuerze Still wéi et an der Minière gebraucht gouf, well an deem enke Gruef konnt ee sech kaum réieren.



Enges gudden Daags, koum de Baron duerch d'Gewan getreppelt. En huet viru sech hi gepaff, wéi et seng Gewunnecht war. Wéi e laanscht de Gruef koum, muss e sech un de Franz erënnert hunn, mee dee war net ze gesinn. Wéi de Baron dunn an de Gruef erof gekuckt huet an de Franz vun ënnen erop, hu sech hir Blécker getraff.
„Du hues awer gelungen Handwierksgeschir", huet den Här bemierkt, „dat ass jo italienescht Geschir".

Spott war dat lescht wat dee fläissegen Aarbechter gebrauche konnt. Hien hat zwar wéineg Geld mee genuch Temperament. Ouni e Wuert z'äntweren, huet hie säi Spuet fale gelooss, sech de Schweess mat der Hand vun der Stir gebotzt, eng Kéier déif Loft geholl an dunn huet e säi Geschir ergraff an et am Bou aus dem Gruef geschleidert. De Baron hat just nach Zäit op d'Säit ze sprange fir sech a Sécherheet ze bréngen.

„Da bréngt mer belscht Geschir," huet de Franz gekäicht.

De Baron sot kee Wuert, en huet sech aus dem Stëbs gemaach an déi Kéier war him esou guer d'Päife vergaangen. D'Sauerwiss gouf drësche geluecht, ouni datt de Baron de Mann am Gruef nach eng Kéier bei senger penibeler Aarbecht gestéiert hätt.

Den Angelo, deen d'Charge hat dem Baron seng Schwäin ze hidden, war wuel net grad esou fläisseg. Op engem schéine sonnegen Dag, huet den Angelo gemengt d'Schwäi wieren och emol gutt an hirem Stall opgehuewen an hie kënnt vun der Sonn profitéieren a sech e flotte Velostour gënnen.

Den nächsten Dag war en awer erëm um Dill. De Baron koum dës Wee, en huet gepaff wéi gewéinlech. Wéi en op dem Angelo senger Héicht war, frot en deen:
„Wou waars du da gëschter?"
„Ech war krank Här Baron."
„Kanns de Vëlo fueren?", war déi nächst Fro.
„Jo, Här Baron, wuer soll ech fueren?"
„Ma klamm op däi Vëlo a fuer wou s de wëlls!"
Domat war dem Angelo seng Carrière als Schwéngshiert zu Enn.

*Agnès KRALJ-MAJERUS*